



En Donneschdeg, de 26. September 2024, war ëm 16:30 Auer déi lescht Gemengerotssitzung.

1. Lotissement de terrains

a) ZAC Jauchwiss

Et gëtt eng Neiopdeelung vun den Terraine ronderëm d'Garagë vum Petry an der ZAC Jauchwiss virgeholl, fir dono an engem 2. Schrack d'Propriétéitsverhältnisser ze klären.

b) Rue Jean Engel

Déi schonns existent Morzelléierung vum Bauterrain 14/3731 an der Rue Jean Engel gëtt regulariséiert.

2. Approbation de plusieurs compromis

a) Echange de parcelles Route de Mersch/Rue de Reckange

Fir de Reamenagement vun der Kräizung Rue de Reckange mat der Mierscherstrooss gi mat der Gesellschaft Arhuko SCI zwou Parzelle getosch.

b) Cession de parcelles Route de Mersch

Eng weider Parzell vun 0,08 Ar (an der Mierscherstrooss) gëtt vum Bedreier vum der Crèche Butzemillen un d'Gemeng ofgetrueden.

c) Cession d'une emprise An der Bléi

Den Här Noe Wolter verkeeft der Gemeng eng Parzell vun enger Zentiar an der Bléi fir de Präis vu 550 Euro. Op där Parzell steet d'Stroosseluucht.

An deem Kontext huet d'CSV-Fraktioun drop opmierksam gemaach, datt d'Stroosseschëld fir d'Strooss "Am Park" am Lotissement An der Bléi feelt. De Schäfferot wäert de Service technique domatter chargéieren.

3. Approbation d'une convention avec le service Bummelbus

De Service Bummelbus, offrëiert vum Forum pour l'emploi, gëtt d'Gemeng fir d'nächst Joer ëm 10 Prozent méi deier, nämlech am Ganze 40.350,50 Euro. Dës Konventioun huet keen Afloss op d'Ticketspräisser fir d'Benotzer, déi jo vun der Transportdistanz ofhängeg ass.

4. Approbation d'un devis

D'Ponts&Chaussées plangen d'Autobréck iwwer d'Viichtbaach (direkt op der Gemegegrenz zum Helperknapp) tësche Béiwen a Bissen ze erneieren. D'Biisser Gemeng gëtt fir 58.981,85 Euro eng hydraulesch Etude vun der Viichtbaach an Opdrag, fir ze kucken, ob d'Veännere

vum Duerchlaf vun der Bréck e positiven Effekt op d'Héichwaassersituatioun hätt. Dës Etude gëtt zu 90 Prozent vum Waasserwirtschaftsamt subventionéiert.

5. Approbation d'un acte notarié

RollingerTec implementéiert sech am ZAC Seif op enger 2,6937 Hektar grousser Parzell. De Gesamtverkaufspräis ass 14.545.980 Euro, woubäi awer schonns 9.000.000 Euro viru Joren un d'Gemeengekeess gefloss sinn. Esoubal den Notairesakt duerch de Ministère de l'Intérieur approuvéiert gouf, bezilt d'Firma de Rescht, d.h. 5.545.980 Euro.

6. Approbation de plusieurs contrats de travail

a) Expert indépendant - Cours de langue luxembourgeoise

De Guy Hoffmann hält fir e weidert Schouljoer Lëtzebuergesch-Cours'en an der Gemeng.

b) Salarié à tâche manuelle CDI

Nodeems en Aarbechter de Waasserservice verlooss huet, gouf den Här Ricardo Magalhaes vun Dikrech als neien Aarbechter am Waasserservice agestallt.

7. Approbation d'un règlement de circulation provisoire

Wéinst dem Ofrappe vun den Haiser mat der aler Post an der Grand-Rue gëtt fir d'Zäit vum 7. Oktober bis 11. November 2024 den Accès vun der Grand-Rue op d'Place de l'Immigration gespäert. Domatter ass et och net méiglech, fir während dëser Zäit mam Auto bäi d'Bréifkëscht ze fueren.